1.-Mee-Ried vum Präsident vum FNCTTFEL-Landesverband, Guy Greivelding

Komerodinnen a Komeroden!

Zu ganz vill si dir op eisen 1. Mee vum Landesverband komm. Dat deet gutt. Dat stäerkt eis Mobiliséierung géint de sozialen Ofbau, den sozialen Réckschrëtt. Den 1. Mee notze fir d'gewerkschaftlech Mobiliséierung ass eng Pflicht vun de Gewerkschaften. Besonnesch an dëser Zäit, ewéi d'Politik sech gëtt, kann nëmmen d'gewerkschaftlech Stäerkt déi op dem Bockel vun de Beschäftegten an de Pensionéierten ausgedroen Austeritéitspolitik zréckweisen. Eng Austeritéit mat enger Ëmverdeelung vun önnen no uewen, déi déi Aarm méi aarm an déi Räich méi räich mecht.

Ech begréissen Iech alleguerten häerzlech um 1. Mee 2012.

Ech begréissen den Henri Bossi, Vizeprësident vum OGBL.

Ech begréissen d'Politiker, déi sech net scheien, sech eis Positioun zur Politik unhéieren ze kommen.

Den Fraktiounschef vun der LSAP, Lucien Lux, d'Deputéierte Fernand Diederich, Roger Negri a Serge Urbany.

.....

Den Armand Drews, Gemengerot an der Stad Lëtzebuerg.

Och begréissen ech d'Vertrieder vun de Parteien LSAP, déi Lénk a KPL, grad sou wéi meng Virgänger, d'Eirepräsidente vum Landesverband Josy Konz an Nico Wennmacher.

Ech begréissen d'Press. Kolleginnen a Kollegen, merci fir Är Berichterstattung iwwert dësen Dag.

Merci der Harmonie vum Landesverband ënnert der Leedung vum Romain Kerschen fir d'musikalesch Ëmrahmung.

Merci der Polizei an de Bouneweger Pompjeeë fir hir Ënnerstëtzung beim Cortège.

Komerodinnen a Komeroden!

D'Wirtschatskris, d'Finanzkris, d'Scholdekris. Déi Beschäftegt an déi Pensionéiert sinn net d'Urheber. Sie mussen awer d'ganz Zopp ausläffelen.

An alle Länner gëtt gespuert op de Léin, op de Pensiounen, op de Leeschtunge vun der Sécurité sociale, op den ëffentlechen Déngschtleeschtungen.

An de Recommandatioune vum Euro-Plus-Pakt steet:

- Keng Indexéierung méi vun de Léin.
- Koppelung vun de Léin un d'Produktivitéit ouni Inflastiounsraten ze berücksichtegen.
- Drock op d'Paiën am ëffentleche Sekteur, d'Auswirkungen op d'Akommes am Privatsekteur kenne mer, Drock op d'Mindestléin. Nach d'lescht Woch huet de Bankechef Contzen eng drastesch Kierzung vum Mindestloun gefuerdert.
- Drock op d'Pensiounen a Virruhestandregelen.

- E Fiskalpaak, mir soen e Spuerpaak, mat dem Drock op Staatsbudgetën a verfaassungsrechtleche Kontrolle vun den ëffentleche Scholden an Dépensen.

A wat mecht eis CSV/LSAP-Regierung, déi aner grouss Oppositiounsparteie, DP an déi Gréng, sinn natiirlech d'accord, an d'Patronat klappt an d'Hänn, hinnen ass den Index en Dar am A: sie manipuléiert den Index.

Mir nennen dat Indexklau, dee fir eis net akzeptabel ass. Den Index ass e wichtegt Instrument fir den Erhalt vun der Kaafkraaft. Ëmmer ërem wor den Index an de leschte Joeren Attacken ausgesaat. Tëschent 2006 an 2009 gouf den Index puer Mol manipuléiert. Am Juni 2006 ass ë.a. och d'Kannergeld desindexéiert ginn.

Elo gouf den Index eng weider Kéier fir déi nächst dräi Joer manipuléiert. An et ka gutt sinn, dass dës Manipulatioun och nach iwwer 2014 ëwech ze spiere bleift.

Maachen eis Regierung an och e groussen Deel vun de Volleksvertrieder, jo sinn et nach Volleksvertrieder oder nëmmen méi Vertrieder vum Grousskapital an dem Patronat an der Chamber, wirklech nach eng Politik fir déi schaffend Leit, fir d'Pensionéiert?

Zënter 1921 gëtt et den Index zu Lëtzebuerg. 1975 gouf dëse fir all Salarieeë generaliséiert.

Hunn d'Politiker an d'Patronat nach net verstaanen, dass den Index zënter Joere mat Garant vum soziale Fridden an der Arbechtswelt ass?

Och ass den Index keng real Lounopwäertung. Den Index ass e wichtegt Instrument, ewéi schons gesoot fir d'Léin an d'Pensiounen und d'Liewenshaltungskäschten automatesch unzepassen.

Mir kënnen net zouloossen, dass den Index zu enger simpler Allocatioun ëmgewandelt gëtt, iwwert déi d'Politik willkürlech décidéiere kann.

Eis Fuerderung kann nëmmen sinn: dës Manipulatioun muss réckgängeg gemaach ginn. De gesetzlech verankerte System muss esou schnell ewéi méiglech ërem integral agefouert ginn. Och fuerdere mir, datt Desindexéierung vum Kannergeld opgehuewe gëtt.

Mir kämpfe weider fir den Index ouni Deckelung oder aner Manipulatiounen, déi de Wee weider géngen opmaache fir den Index ganz ofzeschaafen.

Mir bedaueren, dass eng LSAP, trotzdem dass si seet zum Index ze stoen, dës Manipulatioun mattgemaach huet. Kuckt no Belgien a follegt der sozialistescher Vizepremierministerin Laurette Onkelinx, déi klipp a kloer seet, déi offiziell eng Reform vum Index ausschléisst a kloer mécht, dass den Indexmechanismus net kann ugetaascht ginn.

Virun 30. Joer, de 5. Abrëll 1982 hu mer 24 Stonnen fir den Index gestreikt, a vergläicht een 1982 mat haut, da gesäit een, dass mer praktesch ërem wat den Index ugeet an der selwechter Situatioun sinn.

Komerodinnen a Komeroden!

Mir loossen eis och net aschüchtere vun den Aussoë vun engem Ernst Wilhelm Contzen, Prësident vun der ABBL, dee mengt, dass d'Lounkäschten zu Lëtzebuerg ze héich wiren an och net vun engem Generaldirekter Carlo Thill vun der BGL/BNP Paribas, dee sécher wëllt dem Contzen gefalen, wann hie seet, datt d'Konkurrenz grouss wir, an dementsprechend Gehälter zu Lëtzebuerg missten un d'Nopeschlänner ugepasst ginn.

Sie sinn ët net aleng. Och den UEL-Prësident Würth mat sengem Patronscortège hannendrunn heet an déi selwecht Kerb.

Jhust déi Mënschen do, déi wësse wéi si sech Täsche mat Geld fëlle kënnen, während d'Salariat bludde muss, solle sech w.e.gl. mat esou Aussoën zréck halen.

Komerodinnen a Komeroden!

D'Rentereform. Och déi musse mer konsequent zréckweisen, esou wéi de Projet vum Sozialminister Mars di Bartolomeo ausgesäit a vun der Regierung gedroë gëtt. Mir kënnen net mat deem geplangtenen Ofbau vun de Pensiounsleeschtungen d'accord sinn.

Well, och méi laang schaffe goë fir an de Genoss vun „etwaegen" heitege Leeschtungen ze kommen, ass och eng Leeschtungsverschlechterung.

Bei dëser Reform muss en dann och wëssen, dass deenen 2 groussen Oppositiounsparteien am Land dës Reform net wäit genuch geet, awer och en CSV-Präsident Wolter stellt d'Fro, ob sech de Staat nach weider kënnt erlaben en Drëttel vun de Pensiounsbeiträg ze bezuelen.

Mir gesinn hei, dass wann esou Woltere sech an der Debatte vun der Pensiounsreform zu Wuert mellen, et an d'Richtung vun Zusatzpensioune goe soll, déi den Assurance Geld an d'Keess bréngen. Et muss ee sech hei froen ob déi Leit wuel Lobbyarbecht fir d'Assurance maachen?

All déi mat vill Goss an der Täsch kënne sech iwwert esou e System hire Liewensowend beschtens ofsécheren, déi grouss Majoritéit vun de Pensionéierten ower dierft Schwieregkeeten hunn, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen.

Eis Salariatskummer huet Alternativen opgezeechent wéi Geld an d'Pensiounskees ka kommen. Alternativ Finanzéierungsquelle mussen erschloss ginn, déi d'Beschäftegt an Pensionéiert net treffen. Fir eis soll d'Geld do geholl gi wou et ass.

D'Berechnunge vun der Reform erginn, datt e jonke Mënsch, deen haut an den Arbechtsprozess a 40 Joer vis-à-vis vun haut 14% manner an der Pensioun huet. An hätt hie gär méi, muss hie méi laang schaffe goen. Verréckt, wéivill Beruffer ginn et, déi esou erschwierend sinn, datt schon 40 Joer vill ze laang s fir duerchzehalen.

Egal wat et also kascht. D'Salariat an déi Pensionéiert mussen de Bockel duerhalen.

Lauschtert emol wat de Finanzminister Frieden vu sech gëtt. Hien läit voll op der neoliberaler Schinn.

Komerodinnen a Komeroden !

Den Finanzminister Frieden wëllt esou emmer méi spueren. Een zweete Spuerpak ass also elo do.

De Spuerpak koum mat Ukënnegung. D'Regierung rechtfäertegt de Spuerpak mat dem aktuellen a prognostizéierte Staatsdefizit. Awer wéi oft huet den Här Frieden sech schons a séngen Zuelespillereie geirrt? Fir d'éischt kréie mir Austeritéitsmoossnahmen opgebrummt an da ginn d'Zuele positiv revidéiert.

Virun engem gudde Mount huet de Finanzminister op RTL gesot, datt d'Relatioun tëscht de staatlechen Dépensen a Recetten net méi stëmmt an huet bäigefügt, datt dat net nëmme mat der Kris ze dinn hätt, mee e strukturelle Problem wir.

A mir konnte parktesch näischt aneschtes erwaarden, mir kenne mëttlerweil de Frieden, datt hie bei senger Fuerderung fir eng aner Depensekultur, an dat net fir d'éischt, erëm dem Salariat an de Pensionéierten an de Porte-monnaie gräift.

An ech erënneren drun. Schons dunn hat hien, eng puer Provokatioun, den Ajustement vun de Pensiounen am Viséier, den 13. Mount fir d'Staatsbeamten an och Prestations familiales. Hien huet weider geduecht a Richtung Ofschafe vun de Prime fir en ëmweltfrëndlechen Auto a bei de Recetten un d'Eropsetzung vun der TVA an der Persounebesteierung. Hien huet weider gemengt, datt d'Erëmafféierung vun der Krisesteier och eng Optioun kënnt sinn Geld an d'Staatskees ze kréien. Eng ongehéierlech geplangten Attack op dat schaffend Vollek.

Vun de Patrons'ën schwätzt hien net vill. Déi gi geschount.

A wat ass elo geschitt?

De leschte Freideg huet d'Regierung d'Kaz aus dem Sak gelooss.

Den Austeritéitskurs gëtt fortgesaat. D'Salariat an déi Pensionéiert mussen d'Haaptlaascht vum Spuerpak droen.

Den Gehälteraccord am ëffentleche Sekteur gëtt ausgesaat, dorop kommen ech nach zréck. Subventioune gi gestrach, esou och d'Care-Prime fir d'Autoën.

2013 gëtt et keen Aujustement an och d'Chèques-service ginn enger Revisioun ënnerzunn.

D'Solidaritéitssteier fir d'Ménagen an d'Betriber ginn ëm 2% gehouwen, woubäi ech direkt well soen: Mir welle wëssen waat mat deem Geld geschitt?! Mir kënnen nämlech net akzeptéieren, datt d'Betriber mat hire Patrons'ën sech domat Boni'ë verséissen. A mir wëssen, datt hinnen an deene leschte Joeren zeg Milliounen Euro zougespillt goufen, ouni datt si iwwerhaapt Rechenschaft iwwert de Gebrauch hu missten ofleeën.

An dann gëtt wirklech d'Patronat op e Neits geschount. Vun 885 Milliounen Euro, déi sollen zur Konsolidéierung vum Staatsbudget vum nächste Joer bäidroen, sollen d'Patrons'ën, ouni Solidaritéitssteier, déi insgesamt mat 100 Milliounen (Ménagen an Betriber) beziffert gëtt, ledeglech mat der Aféierung vun enger minimaler Betribssteier vu 50 Milliounen Euro beluecht ginn.

Wien ass eist Land? Eis schéint et, ewéi wann dat nëmmen d'Patronat an d'Kapital wär! Op wat fir enger Säit steet d'Regierung?

Bastelen de Premier Juncker a säi Finanzminister Frieden weider un neie Projet'ën fir Sozialofbau an Emverdeelung an Richtung Patronat a Kapital?

De Premier wäert eis jo dann an 8 Deeg, den 8. Mee genau, a senger Ried zur Lag vun der Natioun bestätegen, wéi aarm datt mer dann an Zukunft gi wäerten.

An et wäer jo de Combel vun der Frechheet, wann elo nach nieft de Spuermoosnahme vum leschte Freideg vum Finanzminister, weider Spuermoosnahme gengen op dem 8. Mee proposéiert ginn.

Wëssen di mer awer, datt de Premier nach ëmmer fir Iwwerraschungen gut wor.

Da sief mer och erlaabt d'Fro ze stellen, wéini komme positiv Reforme fir d'Salariat?

Komerodinnen a Komeroden!

Gehälterofkommen a Reform vum Statut an de Gehälter ass selbstverständlech en Thema um 1. Mee.

Ech erënneren drunn, datt d'Regierung an d'CGFP d'lescht Joer, de 15. Juli sech op e Gehältervertrag an eng Reform vun de Gehälter an dem Statut gëeegent haten.

Vun Ufank un hu mir gesoot, datt d'Reform Sozialofbau respektiv soziale Réckschrëtt ging bedeiten. D'Indemnité de stage, d'Verlängerung vum Stage, d'Oschaafung vun de Majorations d'indice, d'Evaluéierung, déi ni kann objektiv sinn awer dofir subjektiv, d'Modulatioun vun der Allocation de ménage, den Ofschlossbericht, dee soll erstallt ginn, a wann dat net geschitt, kritt den ugehende Pensionär den Trimestre de faveur net, sinn, wäerte sech iwwert d'ganz Carrière vun dem Beamte bemierkbar maachen.

Ni konnte mir verstoen, datt et tëschent dëser Reform an dem Gehälteraccord zu engem Mariage koum, dat eent huet näischt mat deem aneren ze dinn.

Elo wësse mer dann, datt d'Regierung d'Scholdekris benotzt, fir déi doutsécher och de Secteur public net verantwortlech ka gemaat ginn, fir eis dëse geschëllte Groschen net ze ginn.

D'Prime unique vun 0,9%, déi op den 1. Juli vun dësem Joer hätt sollen ausbezuelt ginn, gëtt op 2014 vertagt, grad esou sollen déi 2,2% um Punktwert, déi op den 1. Januar 2013 ugesoot woren, elo eréischt den 1. Januar 2015 ausbezuelt ginn.

Eng Klatsch fir de Secteur public.

Nach wie vor bestinn mir drop, datt dëse Gehältervertrag sou repektéiert gëtt, wéi en am Juli 2011 ënnerschriww ginn ass. Wat d'Gehälterreform ugeet, sou fuerdere mir, datt déi – och wann déi kriddlech Punkten, gemäss dem Zousazofkommen tëschent Regierung an CGFP eréischt den 1. Januar 2015 a Kraaft trieden sollen, esou d'Stage-Zäit, d'Indemnitéit an de Bewertungssystem – während der Zäit mat alle repräsentative Gewerkschaften aus dem ëffentleche Sekteur nei ausgehandelt gëtt. A souwisou kënnen d'Prinzipien vun der Reform net bi der CFl an am Gemengesektuer ugewandt ginn.

D'Indexmanipulatioune kaschten eis Geld. E Gehälteraccord, deen net soll kommen. Och alles zesumme bedeit e groussn Kaafkraaftverloscht, wou och Handel an Handwierk drënner leide wäerten.

Nach eng Kéier. Fir dass et kloer ass!

Am Interessi vun de Beschäftegten am ëffentleche Sekteur an och vun de Beschäftegten am private Sekteur fuerdere mir, datt de Gehältervertrag getrei dem Ofkomme vun 2011 ëmgesaat gëtt. Geschitt dat net, da wäerte mir gesinn, ewéi am Privatsekteur d'Salarieeën ënnert drastesche Spuermoossnahmen leide mussen.

Mir wësse jo wéi den Här Würth a säi Cortège denkt a fonctionnéiert. Kompetivitéit ass hirt Schlagwuert.

Alles hätte si gären an näischt wëlle si ginn. All Lounstëllstand am ëffentleche Sekteur kënnt hinnen zu paass.

An der Regierung muss ee soen, datt duerch all Stagnatioun an der Gehälter- an an der Lounpolitik dem Staat Steiere verluer ginn.

Komerodinnen a Komeroden!

Mir bezuelen net fir Är Kris, hu mir de 16. Mee 2009 an de Stroosse vun der Stad gesoot, déi Ausso gëllt haut och nach, och wat d'Scholdekris betrëfft.

Bei enger Politik wéi sie elo bedriwwe gëtt, musse mer reagéieren. Hefteg reagéieren.

Bei dëser Politik, déi wann et ëm d'Finanze geet, eenzeg an aleng d'Salariat an déi Pensionéiert soll treffen, musse mer mobiliséieren.

Eng grouss ugeluechte Gewerkschaftsfront mat alle Gewerkschaften aus alle Sekteuren, ëffentlech a privat, muss d'Äntwert sinn, dobaussen op der Strooss zu Dausenden an Dausenden.

Zesumme musse mer mobiliséieren!

Zesumme musse mer agéieren!

Zesumme gewanne mer!

Komerodinnen a Komeroden!

An dësem Joer sollen hei zu Lëtzebuerg 4.000 nei Arbechtsplaze geschaafe ginn a gläichzäiteg gëtt prognostizéiert, datt de Chômage 2014 ging op 8% steigen.

Wou ginn déi Arbechtsplaze geschaaf, wat fir Arbechtsplaze sinn ët a gläichzäiteg musse mer d'Fro stellen, wéivill Arbechtsplaze ginn ofgeschaaft, déi dann effektive Chômage produzéieren.

Et muss ee wëssen, datt an der Eurozone d'Arbechtslosegkeet weider geklommen ass. Esou huet d'Eurostat an de 27 EU-Länner viru kuerzem bal 25 Millioune Leit ouni Arbecht gezielt, dovunner 17,1 Milliounen an den Euro-Länner. 5,5 Millioune jonk Leit ënner 25 Joer hu keng Arbecht.

Dat ass einfach schrecklech!

A paraktesch all zengten europäesche Beschäftegte lieft op der Armutsgrenz, well e keng uerdentlech Pai huet fir seng Famill ze ernähren.

Dat brengt mech dohinner fir ze soen, esou ewéi och den EGB et fuerdert: Mënschewürdeg Arbechtsplaze mat mënschewürdege Léin.

D'Jugend muss eng Chance op Arbecht hunn.

Déi lescht Arbechtszäitreduzéierung, d'Aféierung vun der 40-Stonnewoch geet op den 1. Januar 1970 zréck. Dat sinn 42 Joer hir.

Haut wëlle mir esou eis Fuerderung fir d'Aféierung vun der 35-Stonnewoch erneieren.

Doriwwer eraus musse mir eis stark maache fir Amélioratione bei der Gestaltung vun der Arbechtszäit. Famill, Kanner an d'Bedürfnisser vun deene verschiddenen Liewensofschnëtter musse berücksichtegt ginn. Dozou gehéiert och d'Rëmaféierung vun de Spezialregimer bei de Pensiounen, fir all déi Leit, déi ënnert erschwéierte Konditioune schaffen.

Komerodinnen a Komeroden!

Wouhin steiert d'Groussindustrie?

D'Schléissung vum Wierk Schëffleng an déi deelweiss Astellung vun der Produktioun zu Rodange kaschten e puer honnert Arbechtsplazen. Wéi steet et em d'Betriber ronderem d'Groussindustrie? Ass elo déi fréier Firma Giebel, déi virun enger gewësser Zäit mat Galvalange fusionnéiert gouf, an elo als Arcelor-Mittal Diddeléng fonctionnéiert, drun? D'Produktioun ass schon zréckgefuer. Eng Chaîne ass zou.

Bleift dem Lëtzebuerger Land e Stéck Sidérurgie erhalen?

Mir gesinn, datt den Här Mittal keng Rücksicht op Lëtzebuerg hëllt. Dem Här Mittal geet et ausschliesslech em d'Geldverdéngen. De Stolarbechter intresséiert hie wuel net.

Gutt gezillt huet den Här Mittal do eriwwer eraus säi Subordonné en chef zu Lëtzebuerg, dee bei der UEL de Fändel dréit a keng Geléigenheet ausléist, ewéi schons gesoot, fir d'Salariat duerch Sozialréckschrëtt fir d'Wettbewerbsfähegkeet vun de Betriber bludden ze loossen.

D'Konsequenze vun der egoistescher Arcelor-Mittal-Politik kritt dann och eng CFL cargo ze spieren, wou elo nach konnten duerch de Retour vu Personal besonnesch an d'Mammegesellschaft CFL, Entloossunge verhënnert ginn. Bleift dat esou? Kënnt et net enges guddes Dags do zu Entloossungen?!

Alles ass ze fäerten. Et däerf eis net egal sinn. Et geet ëm Arbechtsplazen.

Ech well dann och haut nach eng Kéier d'Solidaritéit vum Landesverband mat de Stolarbechter erneieren. D'Stolproduktioun an d'Eisebunn hunn eng traditiounsräich Geschicht zesummen. Et geet eis also zesummen eppes un.

Komerodinnen a Komeroden!

Och d'Wunnen zu Lëtzebuerg soll en Thema um 1. Mee sinn. D'Präisser fir eng Wunung ze kaafen, respektiv d'Loyer'ë si parktesch net méi mat engem normalen Akommes ze bezuelen. An der Stad Lëtzebuerg an am Speckgürtel vun der Stad schons guer net.

A kënnen sech iwwerhaapt nach déi jonk Leit en Eegenheem kafen ouni sech praktesch bis un d'Enn vun hirem aktive Liewen ze verschëlden?

An da muss een déi nächst Fro stellen. Geléngt et hinnen hirt Eegenheem och wirklech ze haalen? D'Paië wuessen net, alles gëtt méi deier, d'Arbechtsplaze ginn ofgebaut, d'Arbechtslosegkeet geet an d'Luucht.

Kee méi ass virun deene Gefore geschützt.

Eis Fuerderung kann nëmmen déi sinn, datt de Staat an och d'Gemenge sech dem soziale Wunnengsbau méi intensiv verschreiwen am Intérêt virun allem vun de jonke Leit.

Komerodinnen a Komeroden!

Eng Gewerkschaft, déi esou wuel am Eisebunnsekteur ewéi am ëffentleche Sekteur doheem ass, muss sech beschäftege mat der Politik vun der Liberaliséierung, déi näischt aneschters heescht ewéi Dereguléierung, Filialiséierung, Privatiséierung vun ëffentlechen Déngschtleeschtungen iwwert de Wee vun enger zügelloser Konkurrenz.

Liberaliséierung heescht och Vernichtung vu gudden an sécheren Arbechtsplazen, heescht och Verschlechterung vun de Sozial- an Arbechtskonditiounen, heescht och Sozialdumping.

Virun 8 Deeg hu mir an engem europäesche Kader vu grenziwwergräifender Solidaritéit op engem symbolesche Rassemblement zu Schengen géint déi neiste Liberaliséierungspläng am Eisebunnssekteur manifestéiert.

Dat geet net duer, et wor awer emol e wichtigen Optakt. Déi uschléissend Konferenz vun der Sektioun Eisebunn vun der ETF huet eng europawäit Mobiliséierung géint déi desaströs Politik décidéiert.

Mir kënnen net mat enger Liberaliséierung vum nationale Persouneverkéier op der Schinn d'accord sinn. Dat geng zu enger Katastrof fir eng kleng Entreprise ewéi d'CFL féieren.

Mir musse weider fir den Erhalt vun den integréierten Eisebunnsgesellschaften an logesch géint d'Trennung vun Infrastruktur a Betrib kämpfen. Mat alle Liberaliséierungsschrëtt sti gut ëffentlech Déngschtleeschtungen um Spill.

All Biergerinnen a Bierger hunn e Recht op effizient a gut fonctionéierend ëffentlech Déngschtleeschtungen.

Selbstverständlech vun ëffentlecher Hand produzéiert. E gläichberechtegten Zougang zu dëse Leeschtungen muss garantéiert sinn.

Esou kann et net sinn, datt d'Waasser eng simple Wuer ass an den ëffentlechen Transport keen soziale Charakter méi hätt.

Komerodinnen a Komeroden!

Eise Widerstand géint all Politike vu sozialem Ofbau kann nëmmen iwwert de Wee vun der Eenegkeet an der Solidaritéit, dem gewerkschaftleche Zesummestoen goen.

Mat Widerstand géint de sozialen Ofbau geet et awer net duer.

Offensiv kämpfe musse mir mat eise Fuerderungen fir méi sozial Gerechtegkeet, fir eis Arbechtplazen, fir eng Verbesserung vun eisen Arbechts- an Sozialkonditiounen, fir eng kontinuierlech Lounpolitik, fir eist Akommes, fir eis Léin a Pensiounen, fir gut Sozialleeschtungen.

Solidaresch fir eis Jugend, fir all schaffend Leit, fir all Pensionéiert.

Zesumme stark!

Vive de Landesverband!

Vive den 1. Mee!